COVID-19 Virschrëften fir Mätcher beim CHEV Handball

Fir Spiller an Dirigeant'en gëllen folgend Regelen:

- Spiller an Dirigeant'en notzen d'Entrée ënnen vun der Haal mat direktem Accès zu den Vestiairen (nët via Tribün)
- Et gëllt Maskenpflicht bei all Déplacement an der Hal ausser am Vestiaire an um Spillfeld
- Et ass den Spiller an Dirigeant'en nët erlaabt an den Spillberäich ze kommen, wann nach een aaneren Mätch gespillt gët.
- Nom Mätch raumen di jeweilig Equippen hiren Beräich, sou dass déi nächst Equipe sëch installéieren kann.

Fir Zuschauer gëllen folgend Regelen:

- Den Accès fir Zuschauer ass iwwert d'Ramp direkt op Tribün an nët via Sportshâl (Terrain)
- An der ganzer Haal gëllt Maskenpflicht, soulaang een sëch déplacéiert
- Et steet an der Entrée vun der Haal Desinfektiounsmëttel zur Verfügung
- All Zuschauer muss während der gesamter Dauer vum Mätch, ewéi och an der Paus op enger Sëtzplaz sëtzen (ausser fir noutwendig Déplacementer wéi Toilette, Buvette, Sortie…)
- Kann d'Distanz vun 2m zu den Sëtznoperen nët agehaalen gin, da MUSS ee seng Mask undoën an unhaalen
- Et duerf een den Mätch nët am Stoën kucken, an och nët am stoën Iessen an Drénken.
- Wann Buvette op ass, duerf een Gedrénks an Iessen sichen goën mat Mask an ët muss een sëch rëm sëtzen fir ze consomméieren. Hei gëllen d'HORESCA-Virschrëften
- Et ass och verbueden an der Paus vun der Tribün roof an d'Haal ze goën, siew ët fir bei een Kolleg oder op den Terrain spillen ze goën.

Den CHEV Handball behällt sëch d'Recht vir, fir Persounen déi sëch nët un d'Virschrëften haalen, aus der Halen ze schécken.

Nëmmen wann mir alleguer dës Virschrëften anhaalen, könne mir hoffen, och an Zukunft flott Handball-Mätcher mat Zuschauer ze erliewen.

Aus Respekt virun Äre Matmënschen a fir jidderengem séng Gesondheet ze schützen, hoffen mir op Ärt Versteesdemëch an Är Zesummenaarbëcht.

Merci an bleift Gesond
Den Comité vum CHEV Handball